LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Famille à la question parlementaire n° 4126 du 19 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen et de Monsieur le Député Fred Keup concernant l'« Ordonnance relative aux tests Covid-19 dans les structures d'hébergement pour personnes âgées et/ou hautement vulnérables ».**

*Stëmmt et, datt d'Santé dem CIPA des Reegelung vun enger Testflicht viergeschriwwen huet? Wa jo, war dat iwwer de Wee vun enger Ordonnance? Op wat fir enger gesetzlecher Basis ass an deem Fall déi testpflicht via Ordonnace décidéiert gin?*

Den Direkter vun der Santé huet den 12 Abrëll 2021 eng Ordonnance gemaach déi ënner anerem eng Testpflicht fir Visiteuren an den Alters- a Fleegeheimer aféiert. Dës Ordonnance gëllt fir all Alters- a Fleegeheim am Land, souwéi och fir Wunnstrukturen fir Leit mat Handicap, an ass duerch eng nei Ordonnance gülteg vum 16.05.2021 bis den 30.06.2021 verlängert ginn. Esou zäitlech limitéiert Gesondheetsmesuren déi sech op eng speziell Situatioun bezéien ginn oft duerch Ordonnancen vum Direkter vun der Santé geholl. Dës Ordonnance baséiert op der "*Loi du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé*".

*Gelt des Reegelung fir all CIPA am Land? Wat fir Institutiounen kruten des Testpflicht nach viergeschriwen, respektiv fir wat fir Institutiounen gëllt dat net?*

Dës Reegelung gëllt fir all Wunnstrukture fir eeler Leit a fir all Wunnstrukture fir Leit mat engem Handicap. Den Art.3 vun der Ordonnance vum 12.04.2021 vum Direkter vun der Santé seet dass : « … *toute personne, âgée de 6 ans et plus, qui rend visite à un résident d'une structure d'hébergement pour personnes âgées ou d'une structure d'hébergement en situation de handicap, doit réaliser un autotest avant cette visite, à moins qu'elle puisse présenter le résultat négatif d'un test COVID-19 (PCR ou TER) datant de moins de 48 heures. Les structures mettent à disposition des visiteurs des locaux, le matériel et les explications nécessaires à la réalisation des tests. En cas de visites à répétition, au moins deux tests par semaine seront réalisés par le visiteur.* »

*Wéi léisst sech erklären, datt ier geimpft gouf, keng Tester hu brauche gemaach ze gin, fir eng Persoun am CIPA kenen ze besichen, awer elo, wou d'Bewunner an d'Personal geimpft goufen, eng Testpflicht fir Visiteuren agefouert gëtt?*

De Grond firwat elo déi Tester agefouert goufen ass dass mat den neien Selbsttester esou eng Mesure vill méi einfach an direkt ëmzesetzen ass. Just als Rappel, Schnelltester sinn säit November 2020 an dësen Strukturen disponibel, waren awer ëmmer kompliziéiert anzesetzen well si vun Gesondheetsberuffler hu missen gemaach ginn. Dëst ass bei Selbsttester net méi de Fall, wat elo nei Méiglechkeeten opmécht.

Et war ëmmer staark recommandéiert regelméisseg un Tester deel ze huelen. Eng Testflicht gëtt et elo, well et elo d'Méiglechkeet vu Selbsttester gëtt wou kee Gesondheetspersonal méi néideg ass. Tester sinn leider nach ëmmer néideg och wann vill Bewunner a vill Personal vun den Wunnstrukturen schonns geimpft goufen.

Aus internationalen Studien[1] wësse mer elo dass d' Wirksamkeet vun den Impfstoffer bäi eeleren Persounen bedeitend manner gutt ass wéi bäi de Jonken. De Virus kann also nach Leit infizéieren déi geimpft sinn, och wann dann normalerweis d' Symptomer manner staark sinn a et net méi zu schwéieren Krankheetsverleef kënnt. Et ginn regelméisseg nei Virusvarianten beschriwwen, och zu Lëtzebuerg, déi manner gutt vun den aktuellen Impfstoffer ofgedeckt sinn. Et heescht dofir bäi dësen héich vulnérabelen Leit virsiichteg ze bleiwen, a kee neien Virus vu Baussen an d' Alters- a Fleegeheimer ranzeschleefen. Leider hu mir och schonns zu Lëtzebuerg kleng Clusteren vun Infektiounen gesinn bäi eeleren Leit an Wunnstrukturen, obwuel dës Leit komplett geimpft waren.

*A wéi wäit ännere sech duerch d'Impfungen an d'Testflicht fir de Visiteurd'Modalitéite vum Besuch vu Leit, déi an engem CIPA wunnen? Ginn etdo allgemeng gülteg Direktive fir all CIPA, deen an enger vergläichbarer Situatioun ass?*

Duerch d' Impfung konnten awer verschidden Mesuren liicht vereinfacht ginn wat de Leit entgéint kënnt. Den 22. Februar 2021 hunn de Familljen- an Gesondheetsministère, zesummen mat der COPAS dem Daagverband vun de Gestionairen, Recommandatiounen betreffend d'Vierbeugung vun den Covid-19 Infektiounen no der Impfung, un d'Gestionnaire ginn.

Den 26. Februar hung d'Gestionnairen sech, ënnert dem Impuls vun hirem Daagverband COPAS, op gemeinsam Regelen beim Besuch gëeenegt:

- *Les visites en chambre sont permises après l'injection de la 2e dose d'un vaccin contre la Covid-19 et d'un délai supplémentaire de 14 jours ;*
- *L'enregistrement des visiteurs est fortement conseillé en vue d'un traçage éventuel après apparition d'une infection ;*
- *Les codes pour les tests PCR et/ou des tests antigéniques rapides sont proposés aux visiteurs avant les visites ;*
- *Le nombre de visiteurs admis et l'ouverture des restaurants et cafétérias est géré en fonction des dispositions législatives en vigueur (loi Covid) ;*
- *Les personnes vaccinées (2e dose supplémentaire et délai supplémentaire de 14 jours) ne doivent pas être mises en quarantaine après une sortie de la structure, sauf en cas d'apparition de symptômes évocateurs d'une infection éventuelle au SarsCov-2.*

De Familljenministère ënnerstëtzt des Virgoensweis, a wäert wann néideg, an entspriechend dem weideren Verlaf vun der sanitärer Situatioun, Mesuren ergräifen.

Et ass och viraus ze gesinn dass wann bis eng signifikant Proportioun vun Leit an der Bevëlkerung geimpft ass, een weider Vereinfachungen beim Testen a bei de Barrièresmesuren kann huelen[2].

[1] Ida Rask Moustsen-Helms et al. Vaccin effectiveness after first and second dose of the BNT162b mRNA Covid-19 vaccin in long-term care facility residents and healthcare workers – a Danish cohort study. Preprint medRxiv 23 February 2021.

[2] European Centre for Disease Prevention and Control. Interim guidance on the benefits of full vaccination against COVID-19 for transmission risk and implications for non-pharmaceutical interventions. 21 April 2021.